FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Walspezial 4/5 : Fuerderunge bis 2030

Aarbechtskonditiounen a Wuelbefanne vum Enseignant

Besser Gestioun vun den Aménagements raisonnables

D'Unzuel u Schülerinnen a Schüler, déi vun der CAR en Aménagement raisonnable zougesprach kréien, ass an deene leschte Jore signifikant geklommen. Dës speziell Amenagementer bedeiten zousätzlech Aarbecht fir d'Enseignanten, déi si heefeg ouni déi néideg Ënnerstëtzung um Terrain ëmsetze mussen. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert eng grëndlech Iwwerpréiwung vun der Prozedur fir d'Accordéiere vun Aménagements raisonnables, méi Ënnerstëtzung fir d'Enseignantë bei hirer Ëmsetzung an dass dësem Aarbechtsopwand an hirer Tâche Rechnung gedroe gëtt. Des Weidere fuerdere mir, dass am Fall, wou e Schüler op den ieweschte Klasse vun Amenagementer Gebrauch gemaach huet, dëst kloer op sengem Ofschlossdiplom vermierkt ass, an net just, ewéi bis ewell, wann de Schüler am Examen Amenagementer genotzt huet.

Recht op Congé CET

All Demande vun engem Enseignant fir e Congé CET ënner Form vun enger Decharge CONET ze kréien, soll prinzipiell accordéiert ginn. Schliisslech handelt et sech heibäi ëm ugespuerten Iwwerstonnen, déi – oft onfräiwëlleg – am Virfeld geleescht goufen, fir de Schoulbetrib um Lafen ze halen. Dofir fuerdert d'FÉDUSE-CGFP, dass Enseignanten am Congé CET zukünfteg duerch d'Astelle vun Enseignantë mat CDD solle kënnen ersat ginn, genee esou ewéi et beispillsweis am Fall vu Congé de maternité oder Congé parental gehandhaabt gëtt.

Ugepasste Stonneplang bei Deelzäitaarbecht

D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass beim Ausschaffe vun de Stonnepläng dem eigentleche Sënn an Zweck vun der Deelzäitaarbecht – nämlech manner Zäit an der Schoul ze verbréngen – verstäerkt Rechnung gedroe gëtt. Duerch eng dagdeeglech Presenzflicht an der Schoul gëtt eng partiell Tâche nämlech an deenen allermeeschte Fäll ad absurdum gefouert.

Keng onfräiwëlleg Iwwerstonne bei Deelzäitaarbecht

Iwwerstonne bei partieller Tâche si prinzipiell absurd a sollen dofir evitéiert ginn. Well et awer am Laf vun engem Schouljoer ka virkommen, dass een Enseignant an Deelzäit vu senger Direktioun gebiede gëtt, zousätzlech Schoulstonnen z'iwwerhuelen, beispillsweis opgrond vu krankheetsbedéngten Ausfäll, fuerdert d'FÉDUSE-CGFP, dass falls een Enseignant an Deelzäit am Laf vum Schouljoer fräiwëlleg zousätzlech Stonnen akzeptéiert, dës Méiaarbecht net méi, ewéi bis ewell, als Iwwerstonne verrechent gëtt, mee dass d'Tâche dee Moment temporär no uewen ugepasst gëtt (z.B. vu 50 % op 75 %) fir finanziell Nodeeler am Hibléck op d'Pensioun z'evitéieren.

Verbesserung vun der Matricule continue

D'Aféiere vun der Matricule continue am Kontext vun der Covid-Pandemie huet den administrativen Opwand fir d'Enseignantë weider erhéicht. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert eng radikal Vereinfachung vun der Matricule continue mam Zil, den administrativen Opwand fir den Enseignant ze reduzéieren. Falls dat net sollt geléngen, gehéiert d'Matricule continue ersatzlos ofgeschaaft. A Gebaier mat Trimestersystem ass d'Matricule continue eiser Usiicht no sënnlos an dowéinst just Schikan. Vill Elteren a Schüler konsultéiren d'Matricule continue souwisou guer net, oder wëssen trotz vill Reklamm säitens dem MENJE nach ëmmer net, dass dësen Outil iwwerhaapt existéiert. Fir den eenzelnen Enseignant ass d'Matricule continue jiddefalls alt erëm en zousätzlechen administrative Méiopwand, dee längst net méi an dee schonn zolitt gefëllten ACT72 erapasst.

Verréngerung vum allgemengen administrativen Opwand

Et ass onbestridden, dass den allgemengen administrativen Aarbechtsopwand fir d'Enseignanten am Secondaire an deene leschte Joren aus villerlee Ursaachen däitlech zougeholl huet. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert eng spiirbar Verréngerung vum administrative Volet vun der Tâche. Et muss alles dru gesat ginn, chronesch Iwwerbelaaschtung ze reduzéieren an déi mental a kiierperlech Gesondheet vun den Enseignanten ze schützen!

Droit à la déconnexion

Zum Schutz vun der mentaler Gesondheet vum Enseignant gehéiert och e kloer gereegelten Droit à la déconnexion. Och als Enseignant muss een net permanent erreechbar sinn! Mir hu keng dauerhaft „astreinte à domicile", déi esouguer bei der Police a beim CGDIS zäitlech kloer definéiert an agegrenzt ass, an net 7 Deeg op 7 a 24 Stonnen op 24 gräift – net ze schwätze vu Phase wärend engem Krankeschäin, den offizielle Congészäiten an de Weekender.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2025

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'KANDIDATE VUN DER CGFP-FÉDUSE

LËSCHT 1

GUIRSCH Mona

Professeur d'allemand à l'Athénée
Secrétaire générale et Trésorière FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Attachée à la direction et déléguée SFA
Formatrice IFEN
Assesseur élu de la CHFEP

HEYMANS Bob

Professeur de mathématiques au LJBM
Membre du comité de la FÉDUSE
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
Membre de la CNESC – mathématiques

KOHNEN Gilles

Professeur de chimie au LAM
Secrétaire de la FÉDUSE
Membre du comité fédéral de la CGFP
Conseiller didactique et formateur à l'IFEN
Membre élu de la CHFEP

SCHOLTES Raoul

Professeur de biologie au LCE
Président de la FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Président de la CNESG - Sciences naturelles
Vice-Président du Conseil Supérieur de l'Éducation nationale

D'Walziedele musse **bis den <u>26. Mäerz erëm zeréck</u> <u>am Walbüro</u>** sinn.
Dofir schéckt Äre Vote fréi genuch fort
an **erënnert och Är Kolleegen** heirun!

Duerch all Är 4 Stëmmen: Staark fir d'Enseignanten!